





► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Adehm. Nächst ageschriwwene Riednerin ass d'Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Lydia Mutsch (*LSAP*)**.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Zil vun der Direktiv, déi mer haut an nationaalt Recht ëmsetzen, ass et, fir d'Ausstellen, d'Receptioun, d'Iwwermëttlung an och d'Beaarbechtung vun elektronesch Rechnunge vollstänneg ze standardiséieren an ze automatiséieren. De But gouf, zumindest vun europäescher Säit, ganz kloer artikuliert. D'Marché-publicken an der Unioun solle moderniséiert an dynamiséiert ginn.

Dëst Gesetz passt deemno genau an d'Strategie vun der Regierung, déi virgesäit, fir iwwert de Wee vun der Digitalisatioun d'administrativ Prozeduren ze vereinfachen a méi effikass ze gestalten.

Et gouf hei scho gesot, mat elektronesch Rechnunge sinn d'Entreprise méi reaktiv, et fale manner Käschten un, si hunn en Avantage op d'Konkurrenz a si kënnen eng besser Image de marque als modernen an innovative Betrib opbauen. Laut enger Etüd vun der Goethe Universität Frankfurt kéinten eleng bei eisen däitschen Nopere fir déi ronn 200 Milliounen Rechnungen, déi iwwert d'öffentlech Verwaltung pro Joer ofgewéckelt ginn, tëschent 2 a 5 Milliarden Euro agespuert ginn. Äänlech äussert sech och déi belsch Agence pour la simplification administrative, déi beim Emklammen op d'Factures électroniques vun engem Erspuermis vu ronn 9 Euro pro Facture schwätzt. Gläichzäiteg wäert d'Beaarbechtungsdauer fir eng Rechnung ëm 50 % zrëckgoen. Vun den Nohaltegkeetskritären duerch manner CO₂-Ausstouss guer net ze schwätzen.

Op den éischte Bléck, Här President, schéngt et, wéi wann déi nei Dispositionen exklusiv fir déi öffentlech Verwaltung geïfte gëllen. Mä deem ass net esou. Vun der neier Direktiv si gläichermoosse privat Betriber betroff. Zwar kënnen hei am Land d'Entreprise bei öffentlechen Opträg och nom 18. Abrëll 2020 nach weiderhin op net elektronesch Rechnungen zrëckgräifen; déi Entreprises, déi awer um Pabeier festhalen, wäerten awer sécher en No-deel op d'Konkurrenz hunn. Derbäi kënnt, dass a Frankräich, Däitschland a groussen Deeler vun der Belsch ab dem genannten Datum nëmmen nach elektronesch Facturen akzeptéiert ginn. Deemno ass et just eng Fro vun der Zäit, bis d'elektronesch Facture europawäit obligatoresch wäert ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann ee weess, dass eise CTIE, an et ass elo just hei schonn ervirgestrach ginn, 2016 eng technesch Léisung ausgeschafft huet, fir dass d'staatlech a kommunal Verwaltungen elektronesch Rechnunge kënnen empfangen a verschaffen, privat Entreprises awer bis elo kaum op dës Technik zrëckgräifen, da weess ee schnell, wou den Hiewel muss ugesat ginn.

Am Kloertext: Weder d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv nach déi potenziell positiv Retombée fir eist Land sinn ouni Effort gebongt. Et si virun allem déi kleng a mëttelstännesch Entreprises, déi sech mat enger Ëmstellung wäerte schwéierdinn. Firwat? Fäerte si de Käschtepunkt? Gëtt et Bedenken, wat d'Securitéit oder d'Liisibilitéit oder d'juristesche Sécherheet ubelaangt? Oder si vill Firmae ganz einfach administrativ an technesch e bëssen iwwerfuert?

Dës Problem ass vun den Auteurs vum Projet de loi prinzipiell erkannt ginn, an dat ass och gutt esou. Dofir gëtt am Text dorobber higewisen, dass d'Ëmsetzung vun der Direktiv vun Informatiouns-, Sensibiliséierungs- an Assistenzmesurë begleet muss ginn. An deem Kontext kann de Minister eis vläicht e puer zousätzlech Informatiounen ginn, wat elo schonn ugeduecht ass, fir d'Entreprise bei der Ëmstellung op d'elektronesch Facture proaktiv ze begleeden an ze ënnerstëtzen.

Ech wëll hei nach eng kéier betounen, dass mir als LSAP der Digitaliséierung prinzipiell positiv géintwärtstinn. D'Iwwergeuerdnet Zil allerdéngs muss et ëmmer bleiwen, d'Liewensbedéngunge vun eiser gesamter Populatioun ze verbesseren a gläichzäiteg déi individuell Rechter an d'Privatsphär maximal ze protégéieren. Dofir muss mer derfir suergen, dass all d'Neierungen, déi an deem Beräich elo an an Zukunft op eis duerkommen, net op d'Käschte vun deene Schwächste ginn. An deem Fall sinn dat eben eis Entreprises, déi dofir eis voll Ënnerstëtzung brauchen.

Zum Ofschluss, Här President, wëll ech der Rapportrice fir hir exzellent Viraarbecht an der

Kommissioun, awer och hiren detaillierte Rapport Merci soen an och den Accord vu menger Fraktioun zu deemem Projet mat op de Wee ginn.

Ech soe Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Madamm Mutsch. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Hansen (*déi gréng*)**.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt wëll ech och der Rapportrice Carole Hartmann Merci soe fir hire schrëftlechen a mündlechen Rapport. Vill Punkte si schonn ugeschnidde ginn, duerfir wëll ech mech elo just kuerz mat der Ëmsetzung vum Gesetz beschäftegen. D'Zil vun der EU-Direktiv 2014/55/UE ass et, fir europawäit duerch de Gebrauch vun der elektronischer Facturatioun ze hëllefen, sech a Richtung elektronesch Administratioun ze entwéckelen a sech ze moderniséieren.

Wéi schonn an de viregten Interventione gesot, sollen d'Mesuren, déi vum Gesetz virgesi sinn, et erlaben, dass elektronesch Rechnungen, déi am Kader vun Ausschreiwunge vun de Marchés publics vun den Entreprises un den öffentlechen Optraggeber geschéckt ginn, kënnen elektronesch ugeholl a weiderverschafft ginn. D'Zil ass et, fir méi effizient an effikass kënnen ze schaffen, wéi dat mat Pabeierrechnungen oder Rechnungen am PDF- oder Excel-Format méiglech ass.

Momentan ass d'Situatioun esou, dass den öffentlechen Optraggeber vum Marché public d'elektronesch Rechnunge kann empfangen, mä dass nach ganz weëneg Entreprises effektiv elektronesch Rechnunge kënnen verschécken.

An deem Kontext huet de Statsrot opgeworf, dass aner Länner wéi Frankräich, Däitschland a verschidden Deeler vun der Belsch méi wäit gaange si wéi d'Direktiv an hir Entreprises obligéieren, déi elektronesch Facturatioun am Kader vun de Marchés publics ze notzen, an ob Lëtzebuerg mat der fakultativer Approche vun deemem Gesetz net riskéiert, an en technologesche Réckstand ze geroden.

Ech si mat der Approche vum Gesetz averstannen, dass d'Entreprises zu deemem Zäitpunkt den öffentlechen Optraggeber hir Rechnung net müssen am definéierte Format zouschécken, well vill Entreprises nach Zäit brauchen, bis se prett sinn. A si ze zwéngen, dat kuerzfristeg ëmzesetzen, ass esou net machbar.

D'Zil ass awer ganz kloer, d'Digitalisatioun, an deemem Fall am Rechnungswesen, net ze verschlofen. D'Akraaftsetze vun der elektronischer Rechnung am Kader vun de Marchés publics sollt duerfir begleet gi vu Sensibiliséierungs- an Informatiounsefforte fir d'Betriber. Duerfir sinn ech frou, dass souwuel d'Chambre de Commerce wéi d'Chambre des Métiers dës Prozess och wëllen aktiv begleeden.

An dann nach just e leschte Gedanken: Wär et net sënnavoll, fir no zwee bis dräi Joer e Bilan ze zéien, wat d'Notzung vun der elektronischer Rechnung ugeet, fir sécherzegoen, dass eng positiv Evolutioun do ass an dass déi Lëtzebuerger Entreprises net an en technologesche Réckstand gerode par rapport zu Entreprises aus aneren europäesche Länner? Am anere Fall misst ee sech Gedanken maachen, wat een zousätzlech zu deemem Gesetz misst maachen.

An domadder ginn ech dann och gläichzäiteg den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Hansen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Villmools Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat heiten ass, wéi schonn ugeschwat, eng Transpositioun vun enger Direktiv an deementspriedend ass et onëmgängelech, dass mer dës Projet haut unuhelen. Deementspriedend kann ech och elo scho soen, dass d'Piraten wäerten derfistëmmen.

Ech wollt awer eng kleng Remark vläicht maachen, eppes, wat och meng Virriedner schonn ugeschwat hunn, dass ass näamlech de Volet, dass de Stat haut fäeg ass, dës Rechnungen unzuhelen, dass et awer an der Privatwirtschaft bis elo ganz weëneg Absender vun dëser Facture-électronique gëtt an dass mer also hei insgesamt nach e Riseneffort virun eis hunn, wa mer net nëmme wëllen iwwer Digitalisatioun schwätzen, mä se wëlle liewen. Mir müssen et klengen a mëttelstännesche Betriber esou einfach wéi méiglech maachen, fir konform Facturen ze erstellen an déi dann och mat dem Stat, de Gemengen, mä och ënnereneen auszetauschen.

Hei stellt sech also d'Fro, ob déi Plattform, déi de Stat sech elo selwer ginn huet, net och mëttelfristeg misst opgemaach ginn, net nëmme fir staatlech a parastaatlech Destinataire vu Rech-

nungen, mä ob hei net och de CTIE quasi kéint duerch eng Verëffentlechung als Open Source vun dëser Receptiounsplattform derfir suergen, dass et klengen a mëttelstännesche Betriber vill méi einfach gemaach gëtt, fir vun der Digitaliséierung ze profitéieren.

Dovunner ofgesinn, mengen ech, dass an Zukunft kee Wee laanscht digital Rechnunge wäert féieren. An deementspriedend sollte mer dës Projet hei haut ofstëmmen an da weidermaachen, fir dass mer eben déi elektronesch Rechnung nach méi breet kënnen verbreedene, wéi dat duerch dës Projet de Fall ass.

Merci.

► **M. Marc Goergen (*Piraten*)**.- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Jo, Merci, Här President. Mir wäerten dee Projet de loi och matdroen. Ech wollt awer eppes uschwätzen, den Här Clement ass virdrun drop agaangen, d'Difficultéiten, déi kleng Betriber kënnen hunn, fir hir Facturen ze digitaliséieren. An ech mengen, dat wäert och net vun haut op muer geschéien, op jidde Fall wa keng Ënnerstëtzung do ass. An do kann ee sech natierlech och d'Fro stellen, awéifern déi net och an eng onfair Konkurrenz gerode par rapport zu grössere Betriber, Multinationallen.

En anere Problem, deen dee Projet de loi u sech tangéiert an deen een awer och muss uschwätzen, ass, dass grad an der Europäescher Unioun elo zurzäit awer déi Tendenz zënter enger Partie Joren, wann net Jorzéngte besteet, fir öffentlech Services entweder ze privatiséieren, ze liberaliséieren, wéi Gas, Stroum, Waasser an öffentlechen Transport. An deemno wéi, wann dann neier geschafte ginn, da gi se direkt ënner privatrechtlecher Form geschafen, wéi dat zum Beispill hei de Fall ass zu Lëtzebuerg mam Tram.

A mir wëssen, dass dat natierlech zugonschte vu kengem ass, op jidde Fall net vun de Bierger, vläicht vun e puer, déi sech doduerch beräicheren. An dat erkläert dann och, wéi sou u sech State respektiv Regiounen ëmmer méi müssen ausschreien, fir eng Partie Services kënnen ze kréie vun der Privatwirtschaft, am-plaz dass se se selwer kéinte bedreien, wat am Benefiss vu jiddwerengem wär.

Nichtsdestotrotz wäerte mer deen heite Projet de loi awer ënnerstëtzen, well mer och mengen, dass mer an Zukunft net wäerte laanscht déi elektronesch Facturatioun kommen. Mä et muss alles gemaach ginn, fir dass jiddwereen och fair ka behandelt ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Wagner. D'Regierung huet d'Wuert. Här delegéierten Digitalisationsminister, et ass un lech.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Marc Hansen, *Ministre délégué à la Digitalisation***.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn am Fong frou, fir déi éischte kéier hei e Projet kënnen zum Vott ze stellen, deen aus dem Ministère de la Digitalisation elo iwwerwaacht gëtt. Och wann en natierlech net ënnert deem Ministère deposéiert gouf, huet en entre-temps ënnert deem Ministère säin Doheim fonnt, a mir hunn dat ëmgesat, wat an deene leschte Méint alles un Aarbecht vun dem CTIE gemaach gouf.

Ech géif op dës Plaz och der Deputéiert Carole Hartmann villmools Merci soe fir deen detaillierte Rapport. Et ass e ganz technesch Text, dee mer haut de Mëtteg hei fir de Vott hunn, wou et natierlech, wéi et och gesot ginn ass, och emol eng kéier wichteg ass, fir déi Definitioun vun der elektronischer Rechnung, déi mer bis elo nach net kannt hunn, kënnen ze verankeren, fir dass dat eng ganz kloer strukturiert elektronesch Form ass, déi dann och jiddweree ka gebrauchen.

Et goufen e puer Froen hei gestallt vun der Deputéiert Adehm. Ech kann lech och do emol eng Äntwert ginn. Dir hutt recht, dass d'Gemengen natierlech och hei e wichtigen Akteur sinn. Dir hutt an dem Text natierlech och gesinn, dass déi nach e Joer méi Zäit hunn, wat jo och e grouse Virdeel ass. Et goufen effektiv am Joer 2017 Echange mat dem SIGI. An et wäert natierlech, wa mer dat heite Gesetz bis implementéiert hunn, och an Zukunft nach den Echange gi mat dem SIGI, wéi een dann domadder ka viruieren.

Dir wësst, dass d'Gemengen net onbedéngt müssen deesewechte Point d'accès, dee mir elo zur Verfügung stelle vum CTIE, benotzen, also de Point d'accès schonn, mä si kéinten och eng aner technesch Léisung maachen. Ech mengen, dat ass net onbedéngt vun hinne gewollt. Mä de CTIE steet hinnen natierlech

och elo zur Verfügung, fir déi Diskussiounen ze féieren, fir dass, wa si da bis eng kéier en cause sinn an engem Joer, se och prett sinn, fir dat och kënnen esou ze maachen an och déi richteg Accésen ze hunn.

Mä den Echange tëschent dem SIGI an dem CTIE - an ech war elo viru Kuerzem och selwer eng kéier beim SIGI -, deen ass amgaangen, sech steteg ze verbesseren, wat, mengen ech, net onwichtig ass, dass déi informatesch Akteure vun dem Stat an de Gemenge sech do echangeieren.

Da war d'Fro vun den Deputéierte Mutsch an Adehm och, wéi mer géife mat de Betriber verfuere. Ech mengen, et waren och aner Deputéiert, déi dat hei op d'Tapéit bruecht hunn. Déi Projeten hei sinn och an deene respektive Gremie vun de Betriber virgestallt ginn. An Dir hutt och gelies, an Ärem Avis vun der Chambre de Commerce steet och, dass se deen heite Wee appreciieren, wéi mer et maachen, an dass si eis och wäerten an deenen nächste Méint a Jore begleeden, fir dee Wee zesumme mat de Betriber ze goen.

An ech hunn nach net méi spéit wéi de Moien och bei mir am Ministère genee doriwuer geschwat, wéi mer do den Agenda kënnen opstellen, fir dass mer kënnen assurieren, wann et elo eng kéier géif an d'Richtung goen, dass mer alles géifen obligatoresch maachen, wat jo hei kloer net de Choix ass, wéi, dass d'Betriber sech op deem dote Wee net elenggelooss spieren, mä dass mer dat mat hinne wäerte maachen.

Dat Eenzegt, wat mer jo op dës Plaz maachen, dat ass, dass de Stat u sech elo prett ass, fir déi elektronesch Rechnung vun deenen, déi bei de Marché-publicke matgemaach hunn, ze empfangen. An natierlech kann ee soen, dass se an aneren europäesche Länner e bësse méi eng radikal Léisung gemaach hunn, fir dat och direkt obligatoresch ze maache fir all d'Facturatiounen.

Ech mengen, dass deen heite Wee dee besseeren ass, well mer elo emol heirunner kënnen kucken, wéi dat fonctionnéiert a mer dann eis Konklusiounen kënnen erauszéien an da mat deene concernéierte representative Gremien och dem Privatsecteur eng Hand kënnen mat upaken, dass dat am beschte Fall ka fonctionnéieren.

Dat hei soll fir eis alleguerten, sief et de Stat, awer och d'Gemengen, den Ufank sinn, den Usporn sinn, fir an déi dote Richtung ze goen, well wann et eng kéier ganz digital opgestallt ass, dann ass et natierlech en enorme Gewinn u Kompetitivitéit, u Produktivitéit, un Effektivitéit an de Betriber. Mä dat wäert sécher nach eng Zäitche brauchen, bis mer alleguerten do ukomm sinn. An de Stat wäert natierlech och kucke mat deene Representantë vun dem Privatsecteur, wéi mer dat am beschte kënnen maachen, fir dass mer alleguerten an deem dotten digitale Boot ënnerwee sinn.

Fir de Rescht soen ech lech alleguerte Merci fir déi breet Ënnerstëtzung, dass mer deen heite Projet haut quasi unanime dann och gestëmmt kréien.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här delegéierten Digitalisationsminister.

D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7271. Den Text steet am Document parlementaire 7271⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7271 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration.

De Vott ass heimat ofgeschloss. De Projet de loi 7271 ass eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Laurent Mosar), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Paul Galles), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie



Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue (par Mme Stéphanie Empain) et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

6. 7421 - Projet de loi

portant modification de :

1^o la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

2^o la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale

Nächste Punkt ass de Projet de loi 7421, fir nom Brexit Mesuren anzeféiere fir eis britesch Matbirger, déi den RPGH, dat ass de Revenu pour personnes gravement handicapées, oder de REVIS bezéien. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Georges Mischo, d'Madamm Tess Burton, den Här Marc Hansen, den Här Fernand Kartheiser, den Här Marc Baum an den Här Marc Goergen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Haut gëtt an der Chamber direkt iwwer dräi Projeten ofgestëmmt, déi am direkten Zesammenhang mam ongewëssen Ausgang vum Brexit stinn. No laange Verhandlungen ass jo de 25. November 2018 e Scheedungsaccord tëscht dem Vereenegte Kinnekräich an der Europäescher Union vum Europäesche Conseil ofgeseent ginn. Saitdeem ass et der britescher Regierung net gelongen, d'Parlament fir den Accord ze begeeschteren. No zwou histoireschen Defaiten zu Westminster ass d'Ongewëssheet esou grouss wéi nach ni, an dëst op béide Säite vum Ärmelkanal.

Léif Kollegen, ech erspueren lech den Detail vun der Problematik, net well ech et net wëll oder net kann, mä well et de Britte selwer onméiglech ass, eng Léisung ze fannen, déi vun enger grousser Majoritéit gedroe gëtt.

Mol ass et de Backstop am Iresche Mier, mol ass et de Gruppement, dee sech ironeschersweis „European Research Group“ nennt, awer näischt anescht wéi en haarde Brexit um Agenda huet, mol ass et d'Labourpartei, déi léiwer eng Zollunioun hätt.

Här President, wéi onschwéier ze erkennen ass, gëtt sech op där anerer Säit vum Eurotunnel vun engem Dag op deen anereren iwwerrasche gelooss. Eleng virun zwou Woche gouf souwuel géint en No-Deal wéi och fir eng Verlängerung vum Artikel 50 gestëmmt, ouni fir dës Verlängerung en trëftege Grond ze nennen. D'lescht Woch ass et zum Kompromëss komm, de Brexit bis op den 12. Abrëll ze verlängeren.

Sollt dann dat britescht Parlament dës Woch zoustëmmen, da géif de Brexit virum 22. Mee, also dem Dag virun den Europawahlen, iwwert d'Bün goen. Geléngt dëst net, huet dat Vereenegt Kinnekräich bis den 12. Abrëll Zäit, nei Virschléi ze maachen.

Här President, mir kënnen eis en däraartege Pilotage à vue net erlaben. Dëst wier respektlos géintiwwer de Britten zu Lëtzebuerg, déi sech op eis verloossen, jo, fir et besser ze maachen. Dofir wäert dësen éischte Projet derfir suergen, dass déi betraffe Residenten, déi de REVIS an de Revenu pour personnes gravement handicapées kréien, net bestrooft ginn.

D'Konditionnen, déi erfëllt musse ginn, fir en Urecht op de REVIS oder den RPGH ze hunn, hänke vum Hierkonftsland vun der Persoun of. Persounen aus Drëttstate mussen op d'mannst 5 Joer während deene leschten 20 Joer zu Lëtzebuerg gewunnt hunn, woubäi EU-Bierger no dräi Méint d'Recht op déi Prestatiounen hunn.

Kënn et elo dann zu engem No-Deal, ginn déi britesch Residenten de Persounen aus Drëttstate gläichgestallt. Nom Akraaftriede vun dësem Gesetz, iwwert dat mer haut ofstëmmen, wäerten awer déi Britten, déi virum 30. Mäerz den RPGH oder de REVIS kritt hunn, dat Recht och behalen.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 5. Mäerz säin Accord ginn. A fir weider Detailler verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Dëst gesot, Här President, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn dann heimat och den Accord vun der DP-Fraktioun.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Hahn. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Georges Mischo. Här Mischo, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Georges Mischo (CSV).**- Merci, Här Chamberspräsident. Ech soe fir d'Éischt emol dem Rapporteur, dem Max Hahn, villmools Merci fir säin ausféierleche Rapport. Och wann nach keen hei am Haus, a scho guer net déi aner Säit vum Ärmelkanal, Bescheed weess, wéi déi ganz Brexit-Dramaturgie zum Schluss ausgeet, esou ass et awer ganz wichteg, dass mer deene britesche Residenten hei am Lëtzebuerger Land am Fall vun engem haarde Brexit och weiderhi verschidde Rechter kënnen zousécheren.

Den Här Rapporteur huet den Detail vun dësem Projet jo ganz ausféierlech a sengem Rapport explizéiert. A mir als CSV sinn natierlech averstane mat dësen Dispositionen. An esou ginn ech och heimat den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Projet.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mischo. An dann ass et un der honorabelen Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Tess Burton (LSAP).**- Bon, Här President, ech mengen, et ass alles gesot. Ech wëll och duerfir dem Rapporteur hei villmools Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Mir hunn eng Responsabilitéit hei ze huelen. Déi huele mer mat dësem Gesetz. An duerfir gi mir, d'LSAP, natierlech d'Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Burton. An dann ass et um honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen!

► **M. Marc Hansen (déi grëng).**- Jo, och vu menger Säit e grouse Merci un de Max Hahn fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. A selbstverständlech gi mir och den Accord zu dësem Gesetz.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Hansen. An dann ass et um honorabelen Här Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus e grouse Merci un den Här Hahn. Et ass net un eis, fir eis anzemëssen an dat, wat am Abléck am Vereenegt Kinnekräich geschitt. Dat mannst, wat ee ka soen, an dat kann eis och interesséieren, ass, datt et eng Lektioun a liewegem Parlamentarismus ass, déi mer do grad materiewen.

Mä den Här Hahn huet ganz recht, wann e seet, datt mir eng sozial Verantwortung géintiwwer deene britesche Matbirger hunn, déi hei am Land liewen. Där sozialer Verantwortung wëlle mer alleguer gerecht ginn. An dofir dréit d'ADR dës Projet selbstverständlech och mat.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et um honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, wannech gelift.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Jo, Merci, Här President. Och mir wäerten dësem Text zoustëmmen. En ass am Interêt vun deene Leit, déi aus Groussbritannien kommen an am Moment de REVIS oder den RPGH kréien.

Ech mengen, datt sech awer och an Zukunft wäerte Cas-de-rigueuren erausstellen, well op eemol, quasi vun engem Dag op deen anereren, d'Stagezäit, bis ee kann an de Genoss vum REVIS kommen, vun dräi Méint, wat bis elo gëllt fir Ressortissant vum der EU oder vum ekonomesche Raum, an d'Luucht geet op fënnf Joer, esou wéi et bei Pays-tiersen de Fall ass.

An ech mengen, datt dat e weidert Argument fir Groussbritannien misst sinn, fir déi Propos, déi am Moment vu Labour um Dësch läit, seriö ze huelen, well et ass e Wee, wou een och ka britesch Bierger, déi an Europa am Moment schaffen a liewen, weiderhi schützen.

Dëst gesot, ënnerstëtze mer dat hei natierlech.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Här President, Merci dem Max Hahn fir säi gudde Rap-

port. Et schéngt leider esou, wéi wa mer dës Woch nach keng Wonnerléisung aus London erwaarde kéinten. Wa Groussbritannien ouni den Accord aus der EU austrëtt, da sëtzen d'Leit mat der britescher Nationalitéit hei am Land virun Onsécherheeten.

Brexit-Rhetorik hin oder hier, jiddwereen hei am Raum ass sech bewosst, dass mer vun de Schicksaler vun de Britten hei am Land schwätzen. A mir kënnen net dës Mënschen, déi d'Entscheidung net selwer erbäigefouert hunn, virun de Kapp stoussen. Deementspriedend si mir derfir, dass dat Gesetz gestëmmt gëtt an d'Britten an all Fall och geschützt gi virun dësem Brexit an dass och (veuillez lire: virun dësem Brexit, fir deen) déi englesch Regierung leider nach ëmmer keng Léisung fonnt huet.

Domat droe mir d'Gesetz mat.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Villmools Merci, Här President. Villmools Merci och alle Riedner zu dësem Text. Merci dem Rapporteur fir deen exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Merci fir Är Ennerstëtzung, fir dass mer déi Leit net fale loossen, déi hei am Land da wäerte vun engem haarde Brexit betraff sinn, wann et dann dozou sollt kommen.

An dofir wëll ech just nach eng Kéier awer drop insistéieren, dass dësen Text just en vigueur wäert gesat ginn, falls et zu engem No-Deal wäert kommen, wat mer jo alleguerten nach ëmmer net hoffen. An dofir musse mer elo ofwaarden, wat geschitt.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Diskusioun ass ofgeschloss. Merci der Familljeminitesch, der Madamm Corinne Cahen.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7421. Den Text steet am Document parlementaire 7421².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7421 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. Duerno de Vote par procuration.

De Vott ass ofgeschloss. De Projet de loi 7421 ass mat 59 Jo-Stëmmen ugehall.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7421 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Laurent Mosar), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue (par Mme Stéphanie Empain) et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. 7406 - Projet de loi portant modification de :

1^o la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

2^o la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

Als Nächst hu mir de Projet de loi 7406, fir nom Brexit Mesuren anzeféiere fir eis britesch

Matbirger, déi an der Fonction publique schaffen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Aehm, den Här Dan Biancalana, den Här Marc Hansen, den Här Fernand Kartheiser, den Här Marc Goergen an den Här David Wagner.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gusty Graas.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Fonction publique

► **M. Gusty Graas (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Da bleiwe mer an der Kontinuitéit vum Brexit, iwwert dee jo wahrscheinlech an deenen nächsten Deeg nach ganz vill wäert geschwat ginn. Wat derbäi erauskënnt, dat weess wahrscheinlech nach keen. Ech mengen d'Engländer selwer och net. An dowéinst ass et och wichteg, datt mer de Mëtten iwwert dee Gesetzesprojet hei schwätzen.

Et geet hei, wéi gesot, ëm eng Rei Dispositionen, déi musse geholl gi vis-à-vis vun enger Rei Leit, déi um Niveau vun der Fonction publique schaffen a britesch Matbirger sinn. Et gëtt geschat, datt plus ou moins 45 där Leit an der Fonction publique tätég sinn, sief dat um Niveau vun dem Stat, sief dat um Niveau vun de Gemengen, awer virun allem si se aktiv um Niveau vum Enseignement. Dir kënn lech jo virstellen, wann et elo sollt zu engem No-Deal kommen, wat dat kéint bedeuten, och fir eis, well da géif vun haut op mer natierlech England als Drëttstat dostoan an et géif och bedeuten, datt dat virun allem kéint zu Problemer um Niveau vum Enseignement féieren.

Den Artikel 2 Paragraf 1 vum modifizéierte Gesetz vum 16. Abrëll 1979 iwwert de Statut vun de Statsbeamte gesäit nun ebe vir, datt, wann ee wëllt an der Fonction publique schaffen, een entweder, wéi gesot, muss d'lëtzebuergesch Nationalitéit hunn oder Member vun engem vun den EU-State sinn. Wann de Brexit dann elo sollt a Kraaft trieden, da kéint et jo sinn, datt England géif als Drëttland ugesi ginn.

Wann et keen Accord gëtt mat Groussbritannien, da gesäit dës Projet de loi allerdéngs vir, datt déi Leit, déi de Moment an der Fonction publique sinn, awer kënnen hir Rechter behalen.

Vläicht e puer Detailler zur Entwécklung vun dësem klengen, awer net onwesentleche Gesetzesprojet. Dee gouf den 8. Februar deposéiert. Den 13. Mäerz gouf de President vun där Kommissioun hei als Rapporteur designéiert. An den 20. Mäerz gouf dann och de Rapport unanime adoptéiert.

Den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics ass vum 1. Februar. Si hätten u sech gär gehat, datt méi streng Konditiounen solle virgesi ginn, datt am Fall, wou et zu engem No-Deal kënnt, eben déi betraffe Leit da sollen d'lëtzebuergesch Nationalitéit iwwerhuelen. Mä si hunn awer trotzdem mat där Reserv hiren Accord zu dem Projet de loi ginn.

Wat elo e bësse méi interessant ass, dat ass natierlech den Avis vum Conseil d'État. Deen ass vum 5. Mäerz an do ass sech d'Fro gestallt ginn, wéi et mat de Rechter ass no der Iwwergangsphas. An zwar weist de Conseil d'État hei op den Artikel 185 vum Brexit-Accord hin. Dee wär u sech nëmmen applikabel vun deem Moment un, wou d'Iwwergangsphas eriwuer wier. Dat heescht awer aus der Vue vum Conseil d'État, datt och an der Iwwergangsphas - dat kléngt elo vläicht alles e bësselche komplizéiert - d'Rechter vun deene Leit garantéiert wieren.

No der Lecture vum Conseil d'État jiddefalls ass den Accord de retrait esou ze gesinn, datt d'Rechter vun de britesche Bierger och no der Iwwergangsphas nach garantéiert wieren. Wéi gesot, mir schwätzen da vun deem Zeenario, wou et zu engem Accord kéim.

Am Fall vun engem Accord géif dann op dat europäescht Recht renvoyéiert ginn. An dowéinst bräicht een dann net eng spezifesch national Regelung ze maachen. Dowéinst si mer eben elo an deem Cas de figure, wann et zu engem Netaccord kéim. Ursprénglech war am Projet de loi virgesinn, datt souwuel deen Zeenario vum No-Deal wéi och dee vum Deal géif zréckbehalen ginn. De Conseil d'État huet eis allerdéngs elo drop higewisen, datt mer sollten an deem Projet de loi hei just nëmmen den Zeenario vum No-Deal virgesinn.

De Conseil d'État war och a sengem Avis der Meenung, datt mer sollten, oder datt d'Regie-